



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/01/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesches fir Interieur weiderzeleeden.

D'Trennung vu Kierch a Staat huet dofir gesuergt, dass vill Gemengen uechtert d'lëtzebuergesche Land decidéiert hunn, d'Kierchegebaier op hirem Territoire ze iwwerhuelen an fir den Ënnerhalt vun dësen Gebailechkeeten opzekommen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesches dës Froe stellen:

1. Wéi steet d'Madamm Ministesches perséinlech zum Fait, dass aktuell vill Gemengen uechtert d'Land d'kathoulesch Kierch indirekt finanzéieren, andeems se d'Kierchegebaier iwwerholl hunn an elo den Ënnerhalt vun dësen Gebaier bezuelen? Ass dëst kompatibel mat der Virstellung vun der Ministesches an hirem Virgänger vun enger konsequenter Trennung vu Kierch a Staat?
2. Huet d'Madamm Ministesches wëlles d'Gemengen geziilt finanziell ze ënnerstëtzen, fir den architektonesche Patrimoine, deen d'Kierchegebaier zu Lëtzebuerg jo manifestement duerstellen, ze erhalen? Wa jo, wéi géif dëst an der Praxis ausgesinn a wéi gesäit d'Zesummenaarbecht op dësem Gebitt mam „Services des Sites et Monuments Nationaux“ aus?
3. Sinn am Kontext vum Erhalt vu Kierchegebaier speziell Aiden virgesinn, déi iwwert déi gewéinlech Subsidien eraus ginn?
4. Wéi héich schätzt d'Ministesches d'Käschten an, déi insgesamt op d'Gemengen duerkommen, déi Kierchegebaier am Kader vun der Trennung vu Kierch a Staat iwwerholl hunn?
5. Wëssend, dass d'Gemengen zum gréissten Deel aus dem Fonds de dotation global vum Staat finanzéiert ginn an d'Trennung vu Kierch a Staat jo u sech sollt dofir suergen, dass kee Kofinanzement tëscht de Culten an dem Staat méi stattfënnt – gesäit d'Madamm Ministesches hei e Widersproch?
6. Missten d'Gemengen an den Aen vun der Madamm Ministesches net sécherstellen, dass kee Finanzement vun de Culten aus staatleche finanzielle Ressourcen méi stattfënnt? An, missten d'Gemengen, Madamm Ministesches, net obligéiert ginn, wann se Investitiounen an esou Gebaier tätegen, dass dës Ressourcen dann aus eegenen, vun der Gemeng selwer erwirtschafteten Gelder misste kommen, wéi beispillsweis dem ICC? Esou kéint séchergestallt ginn dass et kee Kofinanzement tëscht dem Staat an de Culten méi gëtt. Wa net, firwat?
7. Wann eng Gemeng Kierchegebaier an Eegeregie an d'Rei setzen, missten dës Gebaier dann net och fir aner Zwecker vun der ganzer Bevëlkerung kënnen genotzt ginn, ouni dass d'Gebai muss desakraliséiert ginn?



www.piraten.lu



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu